gua ass en suspens. Ech mengen, ech hunn et virdru gesot an der Ried: Mir sinn do, mir bleiwe präsent, bei der Zivillbevëlkerung, natierlech och bei de Mënscherechtsorganisatiounen, well déi si grad am Moment an esou enger Situatioun, wéi mer se am Nicaragua hunn, wichteg, well si déi sinn, déi d'Antennen op der Plaz sinn an déi eis ebe just eng neutral Berichterstattung kënne maachen. Mä esou, wéi d'Situatioun haut do ass, ass eis direkt Hëllef un d'Regierung natierlech agefruer. Dat wäert och elo emol bis op Weideres esou bleiwen. Mir hunn dat um Radar. Mä do ass et agefruer.

„Ee Plang fir Afrika", dat ass e puermol gesot ginn. Sécherlech ënnerstëtzen ech dat. Ech mengen, ech hunn et och gesot virdrun. Afrika brauch e Plang vun Europa a brauch och nei Weeër. A mir wäerte sécherlech derbäi sinn, fir do mat nozedenken, wéi dat kann ausgesinn, wou dat kann higoen. Mir hu vill Erfahrung um Terrain. Wéi gesot, och wa mer kleng sinn, denken ech, dass mer eis mat eisen europäesche Partner ganz gutt kënnen abréngen.

An och, fir op d'Fro ze äntwerte vun der Programmation conjointe - dat ass eng Fro, déi ech och vill gestallt hunn an deene leschte Wochen u meng Leit -: Dat leeft deelweis ganz gutt, op anere Plaze manner gutt. Et ass wéi iwwerall. Och do geet et drëms, vläicht ze orten: Wou leeft dat ebe grad ganz gutt? Wou kënne mer eis gutt mat uschléissen? Wou fanne mer vläicht gutt Leit un eiser Säit, mat deene mer kënnen zesummeschaffen? Mir schaffe vill am Partenariat mat eise Länner aus der EU, mä och mat der Schwäiz a mat Norwegen zum Beispill. Dat si Partner, mat deene mer ganz gutt schaffen. Dat ass och natierlech e Facteur, e pragmatesche Facteur, dass ee seet: „Eppes, wat gutt leeft, hale mer vläicht bäi", anstatt dass een ze vill Neies op eemol probéiert an et net méi gestemmt kritt.

Dann hat ech mer nach opgeschriwwen, zum Taux: Do wor direkt vum Här Galles, mengen ech, am Ufank bemierkt ginn, firwat dass d'nächst Joer elo d'Croissance net esou wär, wéi ee sech et kéint erwaarden. Do si mer tributaire vun de Chiffere vum Statec. Dir wësst, den RNB, zwee- oder dräimol am Joer gëtt dat eng Kéier frësch berechent, do kréie mer Chiffere vum Statec. Dorops gëtt dat da festgesat.

Ech muss soen, dat ass eppes, wat mer och selwer net richteg gefall huet, well dat ganz oft zu Fluktuatiounen zum Schluss vum Joer féiert, bis elo glécklecherweis ëmmer esou, dass mer méi Suen hate wéi geplangt. Mä dat ass och net esou nohalteg, wann een déi da muss am Nullkommanäischt nach iergendwéi ënnert d'Leit bréngen.

Mir sinn do an den Diskussioune mam Finanzministère, fir méi e stabele Modell ze kréien. Mir sinn och do esou gutt wéi duerch. Ech halen d'Daumen, dass dat riichtgeet. Mä d'Iddi ass, dass mer kënnen eng Planung iwwer e puer Joer maachen an e Pufferartikel kréien, wou mer kënnen ausgläichen. Dat heescht, wann et liicht driwwergeet, dass een dat kann usammelen an drop zréckgräifen, wann et eng Kéier drënner ass. Dat ass am Sënn vu jiddwerengem. Mir hunn dann eng Planungssécherheet. Mir kënne wierklech op ee Prozent, dee mer eis jo als Zil gesat hunn, plangen. A mir hunn awer an engems eng Reserv, déi mer kënnen uspueren an déi mer och kënnen unzape goen, wann et eng Kéier vläicht da manner wär.

Dann hate mer nach ... De Konsum ass ugeschwat ginn, ganz wichteg, mäin zweeten Departement, wat mech ganz vill freet. Et kann een et net eleng dem Konsument op d'Schëllere leeën, dat ass richteg, mä en huet awer eng ganz grouss Responsabilitéit. An ech sinn der Meenung, dass, wa mer wierklech Sensibilisatioun maachen, wéi mer se mam Projet maachen - dat ass dee Projet, deen ugeschwat ginn ass, de Fair-Clothes-Projet, deen och vum Kooperatiounsministère ënnerstëtzt ass -, dass dat e ganz gudde Wee ass, fir ënner anerem wierklech déi jonk Generatiounen, déi extrem empfänglech sinn, mengen ech, fir dës Messagen, ze informéieren.

Och am Beräich vum Konsumenteschutz, kann ech lech soen, gëtt et - oh, ech fänken och elo net domadder un, soss sprenge mer haut wierklech de Kader -, mä do gëtt et wierklech ganz interessant Dossieren, och op EU-Ebene, wou ee sech ka fir méi Transparenz asetzen. Wat mer méi kloer wëssen, wat mer consommëieren, wat ech méi zouversiichtlech sinn, dass mer d'Leit och op dee Wee kréien, dass se och wëlle sech engagéiere fir en nohaltege Konsum. An am Endeffekt huet de Konsument en immensen Impakt, well wa mir Produite froen an also weider fuerderen, déi an d'Masseproduktioun eraginn, brauche mer eis net ze wonneren, dass dat en Impakt natierlech an eisen Zillänner huet. Soudass dat e Levier ass, ganz kloer, nieft Standarden, déi musse gesat ginn.

Voilà! Ech gleewe ganz staark un d'Ëmdenken. Ech weess net, ob ech eppes Wichteges vergiess hunn, soss kënnt Der mer et signaléieren. Mä dat ass dat, wat ech elo emol opgeschriwwen hunn. Et ka sinn, dass ech elo dohannen nach eppes méi leien hat. Mä mir gesinn ons jo souwisou erëm an der Kommissioun, wou mer dat dann nach kënnen alles verdéiwen.

Da géif ech lech op alle Fall Merci soen. Voilà!

Plusieurs voix.- Très bien !

M. Fernand Etgen, *Président.*- Merci villmools, Madamm Ministesch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Domat si mer um Enn vun der Sitzung vun haut ukomm. D'Chamber kënnt muer de Mëtten um zwou Auer nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(La séance publique est levée à 19.18 heures.)

SÉANCE 24

MERCREDI 15 MAI 2019

Présidence : M. Fernand Etgen, Président

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique
- *M. Fernand Etgen, Président*

2. Ordre du jour
- *M. Fernand Etgen, Président*

3. Nomination du commissaire aux comptes de la Société nationale de crédit et d'investissement (SNCI)
- *M. Fernand Etgen, Président*
- *Vote secret sur la candidature unique*

4. 7314 - Projet de loi portant transposition de la directive (UE) 2016/1148 du Parlement européen et du Conseil du 6 juillet 2016 concernant des mesures destinées à assurer un niveau élevé commun de sécurité des réseaux et des systèmes d'information dans l'Union européenne et modifiant

1° la loi modifiée du 20 avril 2009 portant création du Centre des technologies de l'information de l'État et

2° la loi du 23 juillet 2016 portant création d'un Haut-Commissariat à la protection nationale
- *Rapport de la Commission de la Digitalisation, des Médias et des Communications : M. Eugène Berger*
- *Discussion générale : Mme Diane Adehm (interventions de M. Gast Gibéryen, M. Gilles Baum, Mme Octavie Modert et M. André Bauler) - Mme Lydia Mutsch - M. Marc Hansen - M. Roy Reding - M. Sven Clement - M. Eugène Berger - Mme Diane Adehm*
- *Prise de position du Gouvernement : M. Xavier Bettel, Ministre de la Digitalisation*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

5. Nomination du commissaire aux comptes de la Société nationale de crédit et d'investissement (SNCI)
- *M. Fernand Etgen, Président*
- *Nouveau vote secret sur la candidature unique*

6. 7393 - Projet de loi portant modification de la loi du 14 septembre 2018 relative à une administration transparente et ouverte
- *Rapport de la Commission de la Digitalisation, des Médias et des Communications : M. Eugène Berger*
- *Discussion générale : Mme Diane Adehm - Mme Lydia Mutsch - M. Marc Hansen - M. Roy Reding - M. Sven Clement*
- *Prise de position du Gouvernement : M. Xavier Bettel, Ministre de la Digitalisation*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

7. Motion de M. Laurent Mosar relative au respect et à la défense du principe des « Spitzenkandidaten » lors de la désignation du prochain président de la Commission européenne
- *Exposé : M. Laurent Mosar*
- *Discussion générale : M. Alex Bodry (interventions de M. Claude Wiseler et M. Laurent Mosar) - Mme Josée Lorsché (interventions de M. Claude Wiseler) - M. Fernand Kartheiser (interventions de M. Alex Bodry) - M. Marc Baum - M. Sven Clement (intervention de M. Alex Bodry) - M. Laurent Mosar*
- *Prise de position du Gouvernement : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État*
- *M. Laurent Mosar*
- *Vote sur la motion (rejetée)*

Au banc du Gouvernement se trouve : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.

(La séance publique est ouverte à 14.02 heures.)

1. Ouverture de la séance publique

M. Fernand Etgen, *Président.*- Ech maachen d'Sitzung op. Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Neen, Här President.

2. Ordre du jour

M. Fernand Etgen, *Président.*- Ech froen d'Chamber, ob se d'accord ass, fir déi Motioun, déi gëschter vum honorabelen Här Laurent Mosar deposéiert ginn ass iwwert d'Spëtzekandidaten, als véierte Punkt vum Ordre du jour, dat heescht no deenen zwee Projets de loi ze traitéieren.

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

3. Nomination du commissaire aux comptes de la Société nationale de crédit et d'investissement (SNCI)

Mir ernennen elo e Commissaire aux comptes vun der SNCI, esou wéi den Artikel 17 vum Gesetz vum 2. August 1977 iwwert d'Schafe vun enger Société nationale de crédit et d'investissement an d'Artikelen 146 bis 154 vum Chambersreglement dat virgesinn. D'Kandidatelëscht ass un all d'Deputéiert verdeelt ginn a läit lech och vir.

Laut Artikel 154 vum Chambersreglement gëtt de Commissaire aux comptes fir dräi Joer ernannt a seng Nominatioun kann och erneiert ginn. Den Artikel 152 vum Reglement gesäit vir, datt dës Nominatioun duerch eng absolutt Majoritéit erfollegt.

Well mer just ee Kandidat fir ee Posten hunn, kënne mir de Vott iwwer eisen elektronesche System maachen.

Vote secret sur la candidature unique

Mir kéimen dann elo zur Ofstëmmung iwwert dem Här Daniel Croisé seng Kandidatur.

D'Ofstëmmung fänkt un. Déi ass geheim. De Vott ass heimat ofgeschloss.

Et hu 56 Deputéiert um Vott deelgeholl. Déi absolutt Majoritéit läit deemno bei 29 Stëmmen. Et si 56 Jo-Stëmmen, keng Nee-Stëmm a keng Abstentioun. Den Här Daniel Croisé huet also domadder d'absolutt Majoritéit an ass als Commissaire aux comptes vun der SNCI ernannt.

4. 7314 - Projet de loi portant transposition de la directive (UE) 2016/1148 du Parlement européen et du Conseil du 6 juillet 2016 concernant des mesures destinées à assurer un niveau élevé commun de sécurité des réseaux et des systèmes d'information dans l'Union européenne et modifiant 1° la loi modifiée du 20 avril 2009 portant création du Centre des technologies de l'information de l'État et 2° la loi du 23 juillet 2016 portant création d'un Haut-Commissariat à la protection nationale

Mir kommen elo zum Projet de loi 7314, dem Ëmsetze vun enger Direktiv, fir méi en héije Sécherheetsniveau vun de Reseauen an den Informatiounssystemer ze assuréieren. D'Riedezäit

ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech schonn agedroen: d'Madamm Diane Adehm, d'Madamm Lydia Mutsch, den Här Marc Hansen, den Här Roy Reding an den Här Sven Clement.

D'Wuert huet elo den honorabelen Deputéierten Eugène Berger als Rapporteur vum Projet de loi. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Digitalisation, des Médias et des Communications

M. Eugène Berger *(DP), rapporteur.-* Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a léif Kolleegen, wann een den Zuele vun enger bekannter Internetsécherheetsfirma gleewe kann, da goufen d'lescht Joer méi wéi eng Milliard Cyberattacke weltwäit registréiert. Am Verglach dozou: 2016, een, zwee Joer virdrun, waren et der - et kann ee soen „nëmmen" - 758 Milliounen. Et gesäit een also, datt d'Tendenz steigend ass, an et gesäit een, wat fir eng enorm Zuel vun esou Attacke gemaach ginn.

2017 hunn Hackerugrëff e wirtschaftleche Schued vu ronn 500 Milliarden Dollar op der ganzer Welt verursaacht. Bal d'Halschent vun allen Entreprisen an Däitschland, fir elo méi no hei an Europa ze bleiwen, waren am Laf vun de leschten zwee Joer Affer vun enger Attack, also bal d'Halschent vun allen Entreprisen. Grouss Firmen, wéi zum Beispill Siemens, fir se net mam Numm ze nennen, gi bis zu 1.000-mol den Dag ugegraff.

Och ëffentlech Institutioune sinn ëmmer erëm d'Zilscheif vun esou Attacken. Et erënnert ee sech zum Beispill un déi Cyberattack op den Däitsche Bundestag am Dezember 2018, bei deem riseg Datevolumme vun Honnerte vu Politiker an d'Ëffentlechkeet gerode waren.

Och Lëtzebuerg, muss ee soen, ass keng Insel, wat d'Cyberkriminalitéit an och -attacken ubelaangt. 2016 huet de CIRCL bei 1.200 Entreprisë wéinst engem Virfall intervenéiere missen oder ass kontaktéiert ginn. Och staatlech Verwaltungen an Institutiounen hu sech scho missen an der Vergaangenheet mat Attacken an Intrusiounen an hir informatesch Systemer auseinandersetzen. Ech mengen, d'Chamber war och net ganz verschount bliwwen; voilà, einfach nëmmen, fir awer ze ënnersträichen, datt dat eng ganz grouss Problematik ass.

Mir liewen natierlech an enger Welt, déi ëmmer méi digital ass am Alldeeglechen. Net nëmmen d'Entreprisen oder d'staatlech Institutiounen, mä och all Eenzelnen ass all Dag konfrontéiert oder schafft all Dag mat dem Digitalen. Et kann een haut alles online akafen. Et kann ee seng Rechnunge per E-Banking bezuelen. All, oder ganz vill administrativ Prozedure kënnen digital gemaach ginn. Dat ass jo och eent vun den Ziler vun der Regierung, fir ze kucken, wierklech all d'Operatioune respektiv all Kontakt an all Prozedur wa méiglech och eng Kéier digital ze hunn.

An et ass dann natierlech evident, datt an esou enger digitaler, vernetzter Welt ëmmer méi de Risiko vu geziilten Ugrëff op d'Systemer besteet, an natierlech net nëmmen op d'Systemer an der Wirtschaft, mä och op de Fonctionnement vun der Gesellschaft. Dat ass dann natierlech eng Gefor insgesamt fir de Fonctionnement vun der Gesellschaft, well esou eng Attack jo ganz vill Auswierkunge kann hunn.

Heiansdo seet ee sech: „Okay, et ass en eenzelnen Akteur„ - fir et emol esou ze nennen -, „deen attackéiert ginn ass." Mä dat kann heiansdo awer Implikatiounen hunn op ganz vill aner Elementer, op ganz vill aner Saachen aus dem alldeegleche Liewen. Ee Beispill: Ganz villes, wat Energieversuergung ass, d'Élektresch an esou weider, gëtt jo och deelweis zentral gesteiert. Stellt lech einfach nëmmen en Hackerugrëff oder eng Cyberattack op déi Zentral vir, wou, ech soen emol, déi ganz elektresch Versuergung vun engem Land, och vu Lëtzebuerg, géif attackéiert ginn. Ech mengen, do seet een am richtege Sënn vum Wuert, datt da géifen d'Luuchten iwwerall am Land ausgoen an datt dat nach eng ganz Rei aner Konsequenzen hätt.

Bon, ech mengen, et ass awer kloer, d'Regierung ass jo determinéiert, Lëtzebuerg als Smart Nation, also als Virreider am Beräich vun den digitalen Technologien an als ICT-Standuert ze positionéieren. An da läit et natierlech op där anerer Säit op der Hand, datt ee muss all Efforte maachen, fir datt een eng optimal Cybersécherheet ka garantéieren. An et muss een awer och soen, wann een d'Statistike kuckt, datt mer do net déi Schlechtst sinn, an dat ass jo dann och en Argument fir eisen ICT-Standuert, wa mer awer eng grouss Garantie, oder grouss Garantië kënne ginn, sief et, datt se ni absolutt sinn am Beräich vun der Cybersecuritéit.

Mir fänken also net bei Null un an deem Beräich hei zu Lëtzebuerg. Eleng d'Tatsaach, datt zum Beispill déi éischt digital Ambassade - eng Ambassade! - hei am Land steet, ass jo de Beweis, datt Lëtzebuerg awer eng gewëss Kredibilitéit huet um internationalen Niveau, wat d'Sécherheet ubelaangt. An dat spigelt sech och am Global Cybersecurity Index fir d'Joer 2018 erëm, dee viru Kuerzem veröffentlecht ginn ass, bei deem Lëtzebuerg als eeleft vun 175 Länner ofgeschnidden huet. Dir kënnt soen, et ass nach Loft no uewen, mä ech mengen, et ass awer schonn net schlecht, wann een esou wäit vir an esou engem Index steet!

Mir sinn also gutt opgestallt. Et kann een awer all Dag kucken, wat een nach ka besser maachen, och an deem Beräich. Dat gëllt fir Lëtzebuerg, dat gëllt awer och fir alleguerten d'EU-Memberlänner. Do gëtt et eng Rei Länner - ech ziele se net op -, déi och e gudde Klassement an deem Index hunn. Wat een awer gesäit: Och wann déi eenzel Länner relativ gutt opgestallt sinn, muss ee kucken, datt een an der Zesummenaarbecht am Domän vun der Cybersecurity, um Niveau vun der EU an och téschent de Memberstaten, awer nach Saache verbessert. Besonnesch feelen do d'Formater an d'Mechanismen, déi derzou bäidroen, d'Zesummenaarbecht ze verdéiwen an och d'Sécherheet an de Standarden an der EU ze harmoniséieren.

Bon, déi sougenannt NIS-Direktiv, d'Direktiv iwwert d'Sécherheet vun den Netzwierker an Informatiounssystemer, déi mer also dann hei mat dësem Gesetzesprojet an nationaalt Recht transposéieren, stellt en éischte Grondsteen duer, fir en EU-wäite legale Kader fir d'Sécherheet vun de Reseauen an den informatesche Systemer ze schafen.

Dës Direktiv, déi mer also ëmsetzen, zeechent sech virun allem duerch déi horizontal Approche aus, déi sech dann hei erëmspigelt. Amplaz eenzel Secteuren ze viséieren - Silodenken -, gëtt hei fir d'Éischt gekuckt, datt d'Sécherheetsufuerderungen esou definéiert sinn, datt se queesch duerch all d'Branchë gëllen, fir datt een dann och wierklech op déi Manéier an der ganzer EU op engem gemeinsame Standard a ganz ville Beräicher ass.

D'Direktiv setzt sech grosso modo aus dräi Voleten zesummen, op déi ech elo ganz kuerz wëll agoen. Ech versichen, net ze vill technesch ze sinn.

Éischtens ginn Obligatiounen definéiert, déi fir déi national wirtschaftlech Akteure gëllen, déi kruzial Fonctioune fir d'Gesellschaft hunn. D'Direktiv definéiert do zwou Kategorien: op där enger Säit all déi Operateuren, déi dat, wat een essenziell Servicer nennt, ubidden, am Beräich vun der Energie, dem Transport, der Gesondheet, dem Waasser, mä och d'Banken, d'Infrastrukture vun de Finanzmäert.

Dat sinn also wierklech Servicer, wann do iergendee géif zesummefalen, da géif dat riskéieren, en Dominoeffekt ze ginn a Repercussiounen ze hunn op eng ganz Rei aner Secteuren. Ech hat virdrun d'Beispill genannt vun der Energieversuergung, wann déi géif coupéiert ginn, oder d'Waasserversuergung, oder, fir Lëtzebuerg als Finanzplaz, wann do all déi Infrastrukturen, déi digital Infrastrukturen, déi d'Finanzmäert ubelaangen, géifen zesummebriechen, attackéiert ginn, da géif dat wierklech ganz vill Repercussiounen hunn.

Bon, dat sinn also op där enger Säit déi Operateuren, déi essenziell Servicer ubidden. Op där anerer Säit, déi zweet Kategorie, dat sinn dann déi sougenannt „fournisseurs de services numériques".

(Signal sonore d'un portable)

Mir liewen an engem digitalen Zäitalter, gesitt Der!

(Hilarité)

D'Fournisseurs de services numériques - mir haten elo grad een héieren -, dorënner fale verschidde Servicer. Dat si Servicer am Beräich vum Cloud Computing, Sichmaschinnen an och Verkafsplattformen am Internet. Déi sinn all esou definéiert. Dat sinn also esou Servicer, déi dann och ënnert déi Direktiv falen. Fir déi hei Servicer, Operateuren, ginn also verschidden Obligatioune festgeluecht.

Bon, éischtens: Si mussen all déi néideg Mesuren ergräifen, fir d'Risiken esou minimal wéi méiglech ze maachen, also hir Reseauen, hir Systemer esou geréieren, datt se am beschte Fall verhënneren, datt et zu engem Virfall kënnt, respektiv, wann e Virfall géif virkommen, datt deen esou kleng wéi méiglech ka gehale ginn an datt ee schnell kann drop reagéieren.

Da kënnt als zweet Element och nach derbäi, datt eng Meldeflicht agefouert gëtt. Wann en Incident war, en informateschen Incident, deen e gréisseren Impakt huet, net vläicht all klenge Versuch vun Attack, mä wann e gréisseren Impakt war op de Fonctionnement vun den Aktivitéiten, da muss een dee bei enger zoustänneger Autoritéit mellen.

Et kéint ee sech elo froen: Wien ass dann déi zoustänneg Autoritéit? Dat sinn der zwou. De Gesetzesprojet gesäit op där enger Säit d'CSSF als kompetent Autoritéit vir fir déi Akteuren aus dem Bankesecteur. Dat läit jo och op der Hand, och wat d'Infrastruktur vun de Finanzmäert betrëfft. An anerersäits gëtt et den Institut luxembourgeois de régulation, den ILR, dee mer och alleguerte kennen, deen dann als zoustänneg Autoritéit fir all déi aner Beräicher genannt ginn ass; ech hat der virdrun ernimmt: d'Energie, den Transport an esou weider. Et kann ee sech och froen: Firwat den ILR? Mä well dee jo eigentlech och elo schonn eng Rei regulatoresch Missiounen huet par rapport zu verschiddene Servicer.

Bon, et ass also d'Aufgab vun der CSSF a vun dem ILR, ze kontrolléieren, datt déi eenzel Akteuren dann hir Obligatiounen a Bezuch op d'Sécherheetsmesuren erfëllen. A si mussen, wéi gesot, och gemellt kréien, wann e Virfall geschitt ass.

Doriwwer eraus gesäit dann d'Direktiv och nach Dispositiounen um nationalen Niveau vir, fir d'Resilienz vun de Memberstate vis-à-vis vun de Cyberattacken ze stäerken. An nieft der Designatioun vun nationalen Autoritéiten, déi zoustänneg si fir déi wirtschaftlech Akteuren, gëtt dann och nach den ILR als Kontaktpunkt fir déi grenziwwerschreidend Kooperatioun an der Cybersecurity designéiert. Dat heescht, den ILR ass hei zoustänneg fir déi lëtzebuergesch Servicer, mä en ass och d'Kontaktstell fir de Reseau um europäeschen Niveau, fir do en Austausch ze hunn, fir och déi Kooperatioun do ze verstäerken.

Bon, dann ass et esou, datt all Memberstat muss iwwert d'Direktiv eng national Strategie a Bezuch op d'Cybersecurity ausschaffen, an där da strategesch Ziler festgehale sinn an déi och konkret politesch Mesuren definéiert, fir eben dës Ziler, dës Objektiver ze erreechen.

An och hei fänke mer zu Lëtzebuerg net bei Null un. Ech wëll an deem Kader einfach drop hiweisen, datt d'Regierung hei hir Hausaufgabe gemaach huet. Virun engem Joer ass schonn déi drëtt Aktualiséierung vun der nationaler Strategie presentéiert ginn, déi fir den Zäitraum 2018 bis 2020 gëlteg ass. Wéi gesot, mir sinn do net bei Null, an dat ass jo och wichteg, wa mer wëlle Virreider sinn, wa mer e gudden Image wëllen hunn, datt mer do wierklech gutt opgestallt sinn.

Dann nach den drëtten a leschte Volet vun der Direktiv, dee betrëfft dann d'Verdéiwung vun der europäescher Zesummenaarbecht an den Austausch vum Savoir-faire an der Expertise an deem Beräich. D'Direktiv schaaft do zwou nei Organisatiounen, en europäesche Kooperatiounsgrupp an e Reseau vun den „Centres de réponse aux incidents de sécurité informatiques", wéi dat esou schéin op Franséisch heescht.

Dee Kooperatiounsgrupp, dat ass dann éischter d'Zesummenaarbecht op strategeschem Niveau, wou een dann zum Beispill Best Practices kann austauschen: Wéi maacht Dir et bei lech? Da kucke mir vläicht bei eis, et och esou ze maachen. An d'Centres de réponse, dat ass da méi en operationellen Niveau, wou ee kuckt, wann e Problem ass, wéi ee kann zesummen dann direkt déi Attack behandelen. Wéi kann een dorobber reagéieren? Wéi kann een d'Incidente besser geréieren?

Bon, voilà! Ech hu versicht, graff déi wichtegst Punkten aus där Direktiv hei kuerz ze illustréieren, déi mer dann also heimadder an dat nationaalt Recht wäerten ëmsetzen. An ech hoffen dann och op eng grouss Zoustëmmung vum Parlament fir dee Projet hei, dee sécherlech ganz wichteg fir Lëtzebuerg ass an eigentlech fir jiddwereen hei am Land, fir datt eis Gesellschaft optimal preparéiert ass géint esou Attacken.

An ech wéilt hei och nach zum Schluss den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet ginn.

Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Fernand Etgen, *Président.-* Merci villmools, Här Berger. Als éischte Riedner ass déi honorabel Madamm Diane Adehm agedroen. Madamm Adehm, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

Mme Diane Adehm *(CSV).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt emol e Merci un den Här Eugène Berger als Rapporteur fir säi schréftlechen a mëndleche Rapport, deen e gemaach huet.

Ier ech e puer Remarken zu dësem Gesetzesprojet maachen, soen ech direkt, dass mir als CSV dëse Gesetzesprojet matstëmme wäerten, well et sech ëm d'Ëmsetzung vun enger europäescher Direktiv handelt. Dës Direktiv behandelt déi ëmmer méi grouss Risiken, déi et an enger Wirtschaft gëtt, an där alles numeriséiert gëtt. Grad an esou kruziale Beräicher wéi Energie, Transport, Kredittinstituter an Infrastrukture vun de Finanzmäert, der Santé, Drénkwaasser an numeresch Infrastrukturen ass et wichteg, dass et an Europa e gemeinsamt Regelwierk gëtt, fir dës Risiken unzegoen.

Mat dëser Direktiv gëtt d'Zesummenaarbecht vun de Memberstaten am Beräich vun der Gestioun vun de sougenannte Cyberrisike geregelt. An alle Memberstate gëtt an Zukunft d'Gestioun vun dëse Cyberrisiken d'selwecht behandelt. An eisen Aen ass dat e wichtege Meile-

Le saviez-vous ?

ENQUÊTE PARLEMENTAIRE

L'article 64 de la Constitution réserve à la Chambre le droit d'enquête qui lui confère la possibilité d'entendre des témoins et de consulter des experts pour réunir des éléments d'information sur une question d'intérêt public. La Chambre exerce ce droit par une commission formée en son sein. L'exercice du droit d'enquête est réglé par la loi du 27 février 2011 qui a abrogé l'ancienne loi du 18 avril 1911. La commission, ainsi que son président, peuvent prendre toutes les mesures d'instruction prévues par le Code d'instruction criminelle.

QUESTIONS

Dans le cadre de ses moyens de contrôle et de surveillance par rapport aux affaires gouvernementales, la Chambre, par le biais de ses membres, a le droit de poser des questions aux membres du Gouvernement. La question constitue une demande de renseignements d'un député à un ministre au sujet d'une affaire administrative ou de gouvernement. Le Règlement de la Chambre des Députés prévoit diverses sortes de questions : les questions écrites, les questions urgentes, les questions élargies ainsi que les questions posées lors des heures de questions ou d'actualité.

steen um Wee zu enger Wirtschaft, déi ëmmer méi numeriséiert gëtt.

An trotzdeem wëll ech eng Partie Remarken zu dësem Gesetzesprojet maachen. Déi éischt Remarke sinn éischter organisatorescher Natur. Als Oppositioun fanne mir et bemierkenswäert, dass dëse Mëtteg, also haut de Mëtteg, iwwer e Gesetzesprojet ofgestëmmt gëtt, obschonns keen eenzege Procès-verbal virläit vun de Sitzungen, wou mer iwwert dee Gesetzesprojet geschwat hunn.

Une voix.- Komesch!

Mme Diane Adehm *(CSV)*.- Jo, voilà! Mir haten de 26. Februar - de 26. Februar, dat war virun zwee an engem hallwe Mount - eng Kommissiounssitzung, wou souwuel den Haut-Commissaire à la protection nationale wéi och den Institut luxembourgeois de régulation präsent waren. Si hunn eis eng Presentatioun gemaach. Et war och eng Diskussioun. Um Enn vun dërselwechter Sitzung ass den Här Berger - wann ech mech richteg erënneren, mä ech kann et net behaapten, vu dass jo kee Procès-verbal virläit - nach als Rapporteur genannt ginn. Mä wéi gesot, e Procès-verbal läit net vir.

A wat ech nach méi remarkabel fannen, dat ass, dass den Här Berger a sengem Rapport, deen e gemaach huet, déi Sitzung vum 26. Februar mat kengem Wuert ernimmt huet. Duerfir, Här Rapporteur, kënnt Dir eis vläicht eng Erklärung dozou ginn, firwat dass dat keen Agang an Äre Rapport fonnt huet?

(Brouhaha)

Mä an Zukunft kënnt Der jo dann, Här Berger, als …

(Interruption)

Jo. Mä an Zukunft, Här Berger, kënnt Dir jo dann Äre Mataarbechter aus der Fraktioun mathuelen, an da gi mer dervun aus, dass dann an Zukunft Är Rapporte wäerte wesentlech méi komplett sinn an dass dann och d'Sitzungen alleguerte wäerten drastoen an dass dann och drasteet, wéini dass Dir als Rapporteur genannt gitt, amplaz dass mir dann elo haut musse rätselen, ob et an der Sitzung vum 26. Februar war oder ob et an der Sitzung vum 12. März war, wou mer dann eng Kéier véier Amendementer ugeholl hunn.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Madamm Adehm, gleeft net un de Kleeschen! Gleeft net un de Kleeschen!

(Brouhaha)

Mme Diane Adehm *(CSV)*.- Bon, Här President, esou vill zur Aart a Weis, wéi an der Chamber ënnert der jëtzeger Majoritéit geschafft gëtt. Mä d'Erklärung kann awer och eng aner Ursaach sinn, an dat ass: Déi Direktiv, déi mer dann haut ëmsetzen, hätt eigentlech scho missen den 9. Mee 2018 ëmgesat sinn. Mir sinn haut de 15. Mee 2019. Mir hunn also e ganzt Joer Verspéidung bei der Ëmsetzung vun dëser Direktiv.

A kommt elo net, dass dat der CSV hir Schold wier, well d'CSV sëtzt zënter fënnef Joer an der Oppositioun! A wann een dat dote verschlof huet, dann ass et déi haiteg Regierung a soss keen!

(Protestations et coup de cloche de la présidence)

M. Gilles Baum *(DP)*.- Wann Der esou weiderfuert, da sëtzt Der nach zéng Joer an der Oppositioun!

(Hilarité)

Mme Octavie Modert *(CSV)*.- Firwat? Well Dir domm a frech mat eis sidd?

Mme Diane Adehm *(CSV)*.- Also mir hu kee Problem, well mir kënnen lech op d'Fangere klappen an all Är Dommheeten hei virbréngen.

(Coups de cloche de la présidence)

M. Fernand Etgen, *Président*.- Wannechgelift!

(Brouhaha)

Mme Diane Adehm *(CSV)*.- Komme mer zréck zum Inhalt vum Gesetzesprojet!

M. Fernand Etgen, *Président*.- E bësse méi Disziplinn, wannechgelift!

Mme Diane Adehm *(CSV)*.- Komme mer zréck zum Inhalt vum Gesetzesprojet!

(Brouhaha et hilarité)

M. André Bauler *(DP)*.- Zum Wesentlechen.

(Interruptions diverses)

Mme Diane Adehm *(CSV)*.- Ah d'Gesiichter, déi sinn 1A.

(Brouhaha et hilarité)

Bon, ech wollt zréckkommen op den Inhalt, wannechgelift!

M. Fernand Etgen, *Président*.- Madamm Adehm, et ass eleng un lech. Fuert roueg weider!

Mme Diane Adehm *(CSV)*.- Vu dass ee jo net allze vill soe kann, well keng PVe virleien an den Här Berger dat och net a sengem Rapport erwähnt huet, hunn ech mer dann eben den Avis vun der Chambre de Commerce emol am Detail ugekuckt, …

Plusieurs voix.- Aah!

Mme Diane Adehm *(CSV)*.- … wou dann och den Här Berger net allze vill drop agaangen ass.

(Brouhaha)

Bon, et ass elo net esou, dass deen Avis dramatesch wier, mä et stinn awer verschidden interessant Saachen dran. Zum Beispill bedauert d'Chambre de Commerce, dass si eigentlech net vun der Regierung saiséiert gouf, fir déi 35 Amendementer, déi d'Regierung zu hirem eegene Gesetzesprojet virgeluecht huet, och eng Kéier ze aviséieren.

D'Chambre de Commerce stellt des Weidere fest, dass mir bei der Ëmsetzung vun dëser Direktiv méi wäit ginn, wéi virgesinn ass. Normalerweis hu mir hei zu Lëtzebuerg de Prinzip, dass mer d'Direktiven ëmsetzen, a just d'Direktiven, an net méi wéi d'Direktiven. Hei si mer awer méi wäit gaangen.

Dëst ass notamment de Fall, wann d'Ëffentlechkeet muss informéiert ginn, wann et iergendee Virfall gouf. Well d'Direktiv seet näämlech, dass d'Ëffentlechkeet kann informéiert gi vun der Autorité compétente, wann d'Sensibiliséierung vun der Ëffentlechkeet néideg ass, fir e Virfall ze vermeiden oder fir e Virfall ze handhaben. Am Gesetzesprojet gëtt awer zousätzlech derbäigeschriwwen, dass d'Ëffentlechkeet och kann informéiert ginn, wann dëst fir hiren Interessi ass. An d'Autorité compétente ka souguer dem Opérateur de services essentiels virschreiwen, dass hie selwer muss d'Ëffentlechkeet informéieren. An d'Chambre de Commerce fäert, dass dëst de Risiko mat sech bréngt fir d'Operateuren, dass si an Zukunft kéinten Imageproblemer hu respektiv och Konsequenzen op kommerziellem Plang spieren.

Des Weidere fäert d'Chambre de Commerce, dass mat dësem Gesetzesprojet d'Prozedure verduebelt ginn, notamment wat de Beräich vum Dateschutz ugeet. An d'Chambre de Commerce fäert, dass hei fir d'Lëtzebuerger Betriber eng Verduebelung vum administrativen Opwand an Zukunft kënnt.

Mä bon! Komme mer weiderhin zréck zum Text! An ech hätt dann och e puer Froen un de Minister, wannechgelift.

Här Minister, …

M. Xavier Bettel, *Ministre de la Digitalisation*.- Jo?

Mme Diane Adehm *(CSV)*.- … ech géif gäre vun lech wëssen, op der Basis vum Artikel 7 Paragraf 4, ob déi verschidden Autorité-compétenteë scho Lëschten opgestallt hunn, déi d'Services essentiels festhalen.

Am Allgemenge steet och am Gesetzesprojet e puermol dran, dass déi zoustänneg Autorité-compétenteë musse verschidde Reglementer ausschaffen. D'Chambre de Commerce huet ënner anerem och bedauert, dass dës Reglementer hir net virlouchen, wéi si hiren Avis geschriwwen huet. Duerfir froen ech de Minister, wou dës Reglementer haut dru sinn. Well laut der Direktiv hätt jo eigentlech alles scho virun engem Joer missen ëmgesat sinn, an da missten zumindest d'Brouillone vun dëse Reglementer scho virleien. Well ech ka mir net virstellen, dass d'Autorités compétentes, also d'CSSF an dësem Fall an den ILR, eréischt muer ufänken, d'Texter ze liesen, an dann d'Reglementer ausschaffen.

An dann en anere Punkt, op deen ech nach wéilt zréckkommen, ass dee vun den neien Attributioune vum Haut-Commissariat à la protection nationale. Dëse Commissariat kritt jo haut a sengem Gesetz e Kapitel 4bis bäigesat, an deem steet, dass ebe grad dësen Haut-Commissariat an Zukunft eng national Strategie ausschafft, an ech zitéieren: « (…) en matière de sécurité des réseaux et des systèmes d'information, qui porte, en particulier, sur les points suivants », an da kënnt ënnert dem Punkt g): « une liste des différents acteurs concernés par la mise en œuvre de la stratégie nationale en matière de sécurité des réseaux et des systèmes d'information ».

Zu dësem präzise Punkt wëll ech da vum zoustännege Minister wëssen, ob dës Lëscht schonn ausgeschafft ginn ass. Ass dës Lëscht ëffentlech? A goufen déi betraffen Opérateurs de services essentiels respektiv déi betraffe Fournisseurs de service numérique informéiert, dass si op dëser Lëscht dropsti respektiv dropstoe wäerten? Voilà!

Ofschléissend soen ech lech Merci fir d'Nolauschteren a waarden da gespaant op d'Äntwerte vun der Regierung.

Plusieurs voix.- Très bien !

M. Fernand Etgen, *Président*.- Merci villmools, Madamm Adehm. Nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Lydia Mutsch. Madamm Mutsch, Dir hutt d'Wuert.

Mme Lydia Mutsch *(LSAP)*.- Merci, Här President. 80 % vun den europäeschen Entreprisë ginn all Joer op d'mannst eng Kéier Affer vu sougenannte Cyberattacken. A verschiddenen EU-Memberstate si 50 % vun alle Crimmen entre-temps Cybercrimmen. Et gëtt geschat, dass d'Käschte vu Cyberugrëff sech weltwäit all Joer op méi wéi 400 Milliarde belafen. Déi wirtschaftlech Auswierkunge vun de Sécherheetsincidenten am Netz hu sech säit 2013 carrement verfënneffacht.

87 % vun den Europäerinnen an Europäer gesinn d'Cyberkriminalitéit als eng vun de bedeitendsten Erausfuerderunge fir d'bannescht Sécherheet vun der Europäescher Unioun un. An et gëtt geschat, dass bis 2020, also bis d'nächst Joer, Dosende vu Milliarden digital Apparater, vu Computeren iwwer Tablets bis Handyen, weltwäit genotzt wäerte ginn.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, dës Zuele weise méi wéi däitlech, dass d'Cyberkriminalitéit net nëmmen eng Realitéit ass, mä och mat Risike verbonnen ass an eis dofir viru gewalteg Defie stellt, fir d'Bierger an d'Entreprisen ze protegéieren.

Mä dat Ganzt geet nach méi wäit. Wann näämlech bei d'Cyberkriminalitéit, déi e reng wirtschaftlechen Hannergrond huet, och nach Desinformatiounscampagnen, Cyberugrëff zum Beispill op Wahlsystemer oder Wahlprozesser derbäikommen, da kënnt de politesche System, d'Demokratie, eng ganz Gesellschaftsuerdnung an d'Viséier vu kriminellen Auteuren. Staatlech Institutioune gehéieren deemno genausou zu de potenziellen Affer vun der Cyberkriminalitéit wéi déi privat Ekonomie.

Jo, mir sinn eis bewosst, dass d'Cybersecuritéit e Beräich ass, dee sech wéi kaum en aneren am permanente Wandel befënnt, an deemno déi absolutt Sécherheet am Netz wuel ni bestoe kann. Trotzdeem muss alles drugesat ginn, aus wirtschaftlechen, mä virun allem och aus politesche Grënn, déi ech virdru genannt hunn, fir e Maximum u Sécherheet unzestriewen.

Här President, laut EU-Kommissioun hu méi wéi zwee Drëttel vun den europäeschen Entreprisen nëmmen eng ganz elementar oder guer keng Notioun vun hirer Vulnerabilitéit am digitale Raum. Eleng dorunner erkennt een, dass dréngend legislativen Handlungsbedarf besteet. Ee wichtegen Deel vun de Beméiungen, fir op europäeschem Niveau d'Netzer an d'Informatiounssystemer méi sécher ze maachen, ass d'EU-Direktiv, iwwert déi mer haut debattéieren an déi mer bei eis an nationaalt Recht ëmsetzen.

Wéi de Rapporteur et scho betount huet, gesäit dës Direktiv vir, d'Zesummenaarbecht tëschent den eenzelne Memberstaten a Saache Gestioun vun de Cyberrisiken ze harmoniséieren. An zu dësem Zweck hält dat neit Gesetz eenheetlech Regele fest fir d'Operateure vun den noutwendegen Déngschtleeschtungen an d'Fournisseure vun digitale Servicer, zum Beispill Onlinemäert, Moteur-de-recherchen oder Cloud-Déngschter:

Souwuel d'Operateure wéi d'Fournisseure mussen an Zukunft all néideg Precautiounsmesuren ergräifen, fir hir informatesch Systemer beschtméiglech ze schützen. Tëschefäll, déi op Cyberattacken zréckzeféiere sinn an déi eng gewëssen, genau definéiert Gravitéit hunn, mussen den zoustännegen Autoritéite gemellt ginn, fir dass déi den Incident genau ënnersiche kënnen an och déi néideg Konklusiounen zéie respektiv déi zoustänneg Instanzen an heiansdo souguer och aner menacéiert EU-Memberstaten avertéieren.

Déi zoustänneg Autoritéiten - et gouf hei gesot - sinn engersäits d'CSSF an op där anerer Säit den ILR, déi eng, wat d'Iwwerwaache vum Anhale vun de Regelen am Banken- a Finanzwiesen ugeet, an déi aner an deenen essenziellen Zousazberäicher wéi Stroum-, Gas-, Pëtrol-, Waasserversuergung oder och dem Transportwiesen. Si iwwerhuelen deemno op der Grondlag vu grad dësem Gesetz an am Sënn vun der Direktiv zousätzlech Rollen als national Kontroll- an „Response"-Organer am Beräich vun der Cybersecurity. An dat ass och gutt esou.

Ech wëll hei nach eng Kéier ënnersträichen, dass europawäit Regele wéi déi, iwwert déi mir haut hei ofzestëmmen hunn, vun allergréisster Wichtegkeet si fir eng wirtschaftlech an demokratesch staark Unioun. Betoune wëll ech awer och, dass mir hei zu Lëtzebuerg am Netzberäich a bei der Netzsécherheet alles mä net geschlof hunn an och an Zukunft net wëlles hunn, bei dësem Thema nozeloossen.

Et gouf effektiv an deene leschte Jore souwuel strukturell wéi och finanziell vill hei am Land investéiert, fir souwuel déi staatlech Reseaue wéi och all déi aner Datenautobunnen, där et der entre-temps ganzer zéng ginn, déi Lëtzebuerg mat den digitalen Haaptzentren a ganz Europa verbannen, esou sécher wéi méiglech ze maachen, dëst mam evidente But, fir beschtméiglech déi oft ganz sensibel perséinlech Date vun eise Biergerinnen a Bierger an d'Donnéeë vun eisen Entreprisen ze protegéieren. Och dës Regierung ass determinéiert, a mir hunn et schonn e puermol confirméiert kritt, fir hir Efforten am Beräich vun der Cybersecurity weiderzeféieren. D'Zil ass et, wéi mer iwwregens och als LSAP an eisem Wahlprogramm fir dës Chamberwahle gefuerdert haten, de Standuert Lëtzebuerg aus digitaler Siicht als e sécheren Hafen, als „safe haven" ze etabléieren.

Dofir brauche mir d'Zesummespill vun deene verschiddene staatlechen Akteuren an eng nach méi breet Applikatioun vu Best Practices. Grad an dësem Beräich bidde sech och Kooperatiounen a Synergië mat Universitéiten a Fuerschungsinstituter an der Groussregioun un.

Nieft den Obligatioune fir d'Operateure vun essenzielle Servicer an d'Fournisseure muss an d'Zukunft all EU-Land eng national Strategie fir d'Cybersécherheet hu respektiv eng ausschaffen, wann et nach keng huet.

Zu Lëtzebuerg fält dat ënnert d'Zoustännegkeet vum Haut-Commissariat à la protection nationale. Eng éischt Versioun vun esou enger vun der EU gefuerderter Strategie gouf bei eis schonn 2012 ugeholl, eng zweet, méi aktualiséiert Versioun 2015 an eng drëtt 2018. Hei goufen deemno scho verhältnisméisseg fréi

Le saviez-vous ?

COMPTE RENDU

Le compte rendu est une publication de la Chambre des Députés qui reproduit dans leur intégralité toutes les interventions faites lors des séances plénières de la Chambre des Députés. Il contient par ailleurs un résumé des textes législatifs adoptés, les questions posées aux membres du Gouvernement et les réponses reçues ainsi qu'un aperçu général des activités de la Chambre des Députés. Le compte rendu est distribué gratuitement en tant que supplément des quatre principaux quotidiens à tous les ménages. Il peut être consulté en ligne sur www.chd.lu - Travail à la Chambre - Séances publiques - Comptes rendus des séances.

Jalone gesat, fir Lëtzebuerg digital optimal ze positionéieren.

Ech wëll op dëser Plaz drun erënneren, dass eis „Digital innovation strategy", esou heescht se, „for a sustainable trusted data-driven economy" als eng vun den hei definéierten aacht Achsen elo scho festhält, dass Lëtzebuerg sech en adaptéierte reglementareschen an normative Kader gëtt am Beräich ebe vun der Cybersécherheet an dem Schutz vun de perséinlechen Donnéeën. Méi Sécherheet, méi Effikassitéit a méi Attraktivitéit sinn hei d'Stéchwierder.

Wichteg ass et, an den Ae vu menger Partei zumindest, dass déi praktesch Ëmsetzung vun dësem Gesetz och intensiv an aktiv derfir genotzt gëtt, fir de Privatsecteur verstäerkt a Saachen Datesécherheet, Cyberugrëff an Industriespionage ze sensibiliséieren. Ech erënneren nach eng Kéier un déi Zuelen, déi ech um Ufank vu menger Interventioun genannt hunn, un déi méi wéi zwee Drëttel vun den europäeschen Entreprisen, déi nëmmen eng ganz elementar oder guer keng Notioun hu vun hirer Verwondbarkeet am digitale Raum an dofir eis voll Ënnerstëtzung brauchen.

Am Resumé kann ee soen, dass Lëtzebuerg ganz kloer erkannt huet, dass d'Digitaliséierung enorm Chancë bereet hält, sief et am wirtschaftlechen, techneschen, awer och am soziale Beräich. Gläichzäiteg hu mir ni aus den Ae verluer, dass dës Entwécklung bei alle positiven Elementer och ëmmer eng ganz Rei Geforen a Risike mat sech bréngt. Mat deenen entspriechenden nationale Regelen a Mesurë setze mir de Kader, fir am Zesummespill mat den europäeschen Instanzen a mat der europäescher Legislatioun dës Risiken ofzefiederen a geziilt deene Risiken entgéintzewierken.

Och d'Europäesch Unioun - an da kommen ech zum Schluss - ass weider aktiv. Esou huet den Ausschoss vun de permanente Vertrieder viru ronn zwee Méint der rumänescher Presidence d'Mandat ginn, fir mam Europäesche Parlament zesummen d'Verhandlungen opzehuele fir d'Schafe vun engem europäesche Kompetenzzentrum fir Cybersécherheet an de Beräicher Industrie, Technologie a Fuerschung a vun engem Reseau vun den nationale Koordinatiounszentren. Béid Strukture sollen, esou den zoustännege Conseil, d'Sécherheet am digitale Bannemaart erhéijen an d'Europäesch Unioun am Beräich vun der Cybersecurity méi eegestänneg a méi staark maachen. Och dëst begréisse mir ausdrécklech!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir bleift zum Ofschloss nach, dem Rapporteur e grousse Merci ze soe fir seng exzellent schrëftlech a mëndlech Rapporten. An domat ginn ech och den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet mat op de Wee a soe Merci fir d'Opmierksamkeet.

Une voix.- Très bien !

M. Fernand Etgen, *Président*.- Merci. Merci villmools, Madamm Mutsch. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Hansen. Här Hansen, Dir hutt d'Wuert.

M. Marc Hansen *(déi gréng)*.- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, och ech wëll dem Här Berger Merci soe fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport zu engem Thema, dat extrem komplex ass an net nëmmen déi sougenannten Opérateurs de services essentiels a Fournisseurs de service numérique betrëfft, mä doriwwer eraus all Eenzelnen och vun eis.

Firwat? Ma well mer vun Dag zu Dag ëmmer méi digital funktionéieren a vernetzt sinn, eng Vernetzung an der Alldags- an Aarbechtswelt, der Industrie, der Wirtschaft, dem Gesondheetswiesen an esou weider. An all dëse Beräicher gëtt et Schwaachpunkten, a wann een déi ausnotzt, da kann dat och eis betreffen. Ausserdeem si mer als IT-Notzer och oft een Deel vum Problem, well mer duerch e Manktem u Formatioun oder Virsiicht selwer d'Schwaachstell vum System kënne sinn.

Duerfir just e puer simpel Beispiller, fir ze verdäitlechen, wéi wäit dat ka goe respektiv wéi wäit dat och scho gaangen ass:

Hautzudaags hunn ëmmer méi Anlagen an Apparater eng Internetverbindung, wou ee sech deemno vu bausse ka konnektéieren, esou och zum Beispill modern Heizungen, wou den Installateur vu bausse ka kucken, wat de Problem ass. Méi problematesch sinn awer nach méi al Anlagen aus der Offlinezäit, wou den Internet zwecks Fernwartungszougang nodréiglech nogerëscht ginn ass.

Egal ob nei oder al, dësen Onlinezougang iwwert den Internet misst duerch e méiglechst staarke Code respektiv eng staark Authentifizéierungsprozedur protegéiert sinn. An d'Software respektiv d'Firmware aus der Heizung misst idealerweis och regelméisseg geupdatet respektiv géint entdeckte Schwaachstelle gepatcht ginn. Béides ass awer leider oft net de Fall an d'Responsabilitéit gëtt hin- an hiergedréckt. De Produzent verweist op den Installateur, den Installateur op de Client. De Besëtzer huet meeschtens keng Anung, dass dat existéiert, a falls dach, vertraut de Client an der Regel zu Recht oder Onrecht op d'Kompetenz an d'Kënne vun der Firma an der Mark.

En Hacker, deen d'Netz geziilt ofsicht, mierkt dann zum Beispill, dass d'Heizung vu baussen iwwert den Internet zougänglech ass, fënnt en plus online dat technescht Dateblat oder de Mode d'emploi vun der Heizung, wou dropsteet, dass de Code ab Wierk zum Beispill 000 oder 1234 ass a bei der Installatioun muss geännert ginn, wat awer an der Praxis net geschitt. Dat ass, wéi wann een doheem de Schlëssel baussen op der Dier géif stieche loossen, an dat kënnt an der digitaler Welt leider vill ze oft vir.

Oder et gi Schwaachstellen an der Software entdeckt an ausgenotzt. Beispill 2 aus der Heizungswelt: Eng bekannte Mark, déi et och zu Lëtzebuerg gëtt, gouf iwwer eng héichkritesch Sécherheetslück informéiert, duerch déi et méiglech war, d'Heizungsanlag iwwert den Internet un- an auszeschalten, d'Puissance ze manipuléieren an d'Anlag ze beschiedegen. An engem Schreiwes huet dës Firma dunn de Leit misse carrement dozou roden, de Stroumstecker vun der Heizung erauszezéien an op de Besuch vun engem Techniker ze waarden.

Dat war viru sechs Joer, an haut sinn esou konnektéiert Systemer nach vill méi verbreet, souwuel an eisen Haiser, am Handwierk, an de Geschäftslokaler oder an der Industrie. An och haut gi regelméisseg Sofware- a Firmware-Schwaachstelle fonnt an ausgenotzt.

En drëtt Beispill, a priori e bësse méi amusant, betrëfft speziell Steierungsmoduler fir Kierche vun enger Schwäizer Firma. Dëse System huet et erméiglecht, dass een à distance ka Luuchten ufänken, d'Heizung méi héich setzen, d'Glacke laude loossen oder d'Kierchtuermsauer verstellen. Eng däitsch Computerzeitung hat virun e puer Joer erausfonnt, dass iwwer 100 Systemer an Däitschland relativ einfach iwwert den Internet erreechbar an och ganz einfach ze kapere waren. Deemools war et dann och zu deem engen oder aneren ongeplangte Glackelauden a verschiddenen Dierfer komm.

E weidert Beispill ass e bësse méi rezent a betrëfft eng Kichelchersfabrik. An dëser Firma war laang gemengt ginn, dass IT-Sécherheet fir si elo net esou ultrawichteg wär. Well wat soll scho grouss passéieren? Am schlëmmste Fall wär dann eng Dagesproduktioun Kichelcher eben net geréissbar a misst entsuergt ginn.

Abee, et koum dunn awer ganz anescht. De Betrib gouf effektiv Affer vun enger Cyberattack op seng Produktiounsanlag mam Resultat, dass d'Anlag stoe blouf a länger net méi ugaangen ass, wat mat sech bruecht huet, dass dee ganzen Deeg an de Réier vun der Anlag gedréchent ass a se definitiv onbenotzbar gemaach huet. Dës Réier hunn all missen erausgeschnidden an ersat ginn.

Leet een esou Beispiller dann ëm op méi grouss a méi kritesch Industrie- a Service-public-Beräicher, wéi Stolindustrie, Glasindustrie, Waasserversuergung oder Stroumproduktioun a Stroumnetz, oder op eng Atomzentral, och wann et méi schwiereg ass, deenen hir Systemer ze hacken, kritt dat dach eng ganz aner Envergure. Dëst si Beräicher, wou d'Netz- an d'Systemsécherheet permanent mussen à jour gehale ginn an de modernste Standarden entspriechen. An och den néidege Manpower an Know-how muss do sinn, fir am Fall vun enger Cyberattack direkt richteg kënnen drop ze reagéieren.

Cyberattacken op Industrieanlage gëtt et schonn zanter Jorzéngten. Eng vun de bekanntsten ass schonn zéng Joer al a wuel op e Geheimdéngscht zréckzefëieren. 2009 gouf geziilt eng Schwaachstell a Siemens-Industriekomponenten attackéiert, fir am Iran d'Zentrifugen ze kaperen, déi den Iran fir d'Uräichere vun Uran benotzt huet, fir atomwaffefäegt Material ze kréien. Dës Zentrifuge sinn du bis an de roude Beräich lafe gelooss ginn, fir se ze sabotéieren an onnotzbar ze maachen. Vläicht ass Eenzelne vun Iech heibannen „Stuxnet" e Begrëff.

En anere Virfall vu virun e puer Joer, och an Däitschland, deen awer gréisstendeels geheim gehale ginn ass, betrëfft en Héichuewe vun engem Stolwierk. Dësen Ugrëff huet derzou gefouert, dass den Héichuewen net méi kontrolléiert konnt erofgefuer ginn an déi ganz Anlag schwéier beschiedegt ginn ass. Detailer dozou - wéini, wou a bei wéi enger Firma - sinn awer ni public gemaach ginn.

Déi meescht Beispiller, déi ech opgezielt hunn, si schonn etlech Joren hier, mä säitdeem si mer nach méi digital an nach méi konnektéiert. An de Risiko ass deemno geklommen. Zanterhier ass awer och d'Sensibilisatioun vun den Notzer a vun de Firme geklommen an d'IT-Sécherheet réckelt ëmmer méi an de Fokus vun der Ëffentlechkeet, vun der Industrie an der Politik.

Mä mir sinn hei an engem permanente Kaz-a-Maus-Spill. Mat den Ofwiertechnike veränneren a verbessere sech och d'Ugrëffstechniken. Eng méi rezent Attack vun 2017/2018, déi net just an de Medien ëm d'Welt gaangen ass a speziell Windows-Computere betraff huet, war de WannaCry- oder WannaCrypt-Ugrëff. Et ass e sougenannten Erpressungsugrëff, bei deem de Computer infizéiert gëtt, d'Donnéeën all verschlësselt ginn, Léisegeld gefrot gëtt - an dësem Fall war et per Bitcoin - a sech den digitale Schädling gläichzäiteg iwwert de Reseau weider verbreet.

De Schued goung an d'Milliarden a weltwäit ware mindestens 230.000 Computeren an 150 Länner betraff; also deen éischte wierklech globale Schädling. Et goufe Klinicken, déi hu missen zoumaachen. Der Deutsche Bahn hir Ticketsautomaten an d'Tafele waren ausgefall. Renault huet missen e puer Produktiounswierker temporär zoumaachen. Telefonica, FedEx, Stolwierker an esou weider ware betraff. An a China war de Bancomat-System ausgefall.

Laut „ZEIT ONLINE" vum 9. Januar 2019 geet d'Bundesamt für Sicherheit in der Informationstechnik (BSI) dervun aus, dass 70 % vun den Entreprisen an Institutiounen an Däitschland 2016 an 2017 Affer vun enger Cyberattack gi sinn. Dovu konnt bei der Halschent an d'IT-Systemer agedronge ginn. A bei deene koum et da bei der Halschent zu méi oder manner grousse Produktiounsschied. De Schued fir déi däitsch Industrie gëtt op jäerlech 50 Milliarden Euro chiffréiert.

Duerch wat entstinn d'Schied? Dat kann Dateklau oder Industriespionage sinn. Spionage duerch Geheimdéngschter ass och net ëmmer ausgeschloss. Et kann awer och sinn - ech hunn et grad schonn erwäänt -, dass a Systemer agedronge gëtt, fir de Betrib lamzeleeën a just nom Bezuele vun engem Léisegeld erëm produktiounsfäeg ze maachen.

Et ass natierlech och net ausgeschloss, dass terroristesch oder Cyberkrichsattacke gemaach kënne ginn, fir geziilt engem Betrib, engem Land oder engem Wirtschaftssystem ze schueden. Et ass also extrem wichteg, dass eis digital Welt héchstméiglech protegéiert gëtt.

A well mer net nëmmen um nationale Plang, mä um europäeschen an internationale Plang vernetzt sinn, geet et net duer, eng lokal Cybersécherheetsgesetzgebung ze hunn, mä déi verschidde Länner mussen zesummeschaffen. Duerfir ass et wichteg, dass mer d'EU-Direktiv 2016/1148 ëmsetzen, fir eis och op gesamteuropäeschem Niveau besser géint Cyberattacken opzestellen.

Hei muss een awer soen, dass Lëtzebuerg bis elo eng virbildlech Approche gewielt huet an dass déi privat wéi ëffentlech Instituter, Firmen a Plattformen eng exzellent Aarbecht maachen. An deem Sënn wëll ech hei explizitt déi gutt Aarbecht ënnert dem Daach vun der Initiativ „security made in Lëtzebuerg" mat cases.lu, Circl an dem C3 ausdrécklech luewen, an och déi vun der digitaler Wirbelsail vum Stat a vun de Gemengen, dem SIGI an dem CTIE.

Hir Aarbecht gëtt all Dag e Stéck méi wichteg. An dobäi geet et net just ëm déi passiv an aktiv Ofwier vun Attacken. Et ass och vun extremer Wichtegkeet, dass d'Fäll gemellt ginn, dass d'Situatioun kann analyséiert ginn an dass ee kann novollzéien, wéi ëmfangräich d'Attack war a wéi eng Schuedsoftware am Ëmlaf ass, fir deem da kënnen effikass entgéintzewierken. Duerfir sollen esou vill wéi méiglech Fäll gemellt ginn an net nëmmen déi, déi zu engem Ausfall gefouert hunn, mä och déi, déi just zu Stéierunge gefouert hunn oder idealerweis scho virdrun entdeckt goufen.

Fir dëst kënnen um Terrain ëmzesetzen, muss all Land déi zoustänneg Autoritéiten definéieren, eng Équipe nationale de réponse aux incidents de sécurité informatiques en place setzen an eng national Cybersecurity-Strategie entwéckelen. Zu Lëtzebuerg sti mer, wéi gesot, ganz gutt do, mä d'Cybersecurity ass e Kaz-a-Maus-Spill an et dierf een ni ophalen, sech wëllen ze verbesseren.

Dass mer als Lëtzebuerg am internationale Verglach zimlech gutt dostinn, beweist zum Beispill de rezente Global Cybersecurity Index vun der ITU, der Internationaler Telekommunikatiounsunioun, wou Lëtzebuerg elo op eelefter Plaz weltwäit steet. An dat illustréiert, dass d'Lëtzebuerger Rahmebedéngunge momentan souwuel wat déi präventiv Aarbecht ugeet wéi och bei dem Entdecken, der Analys an der Ofwier vun Ugrëffer a priori gutt sinn.

Um europäeschen Niveau sollen d'Kooperatioun an den Austausch vun Informatioune weider verstäerkt ginn. Dës international Kooperatioun, den Austausch vu Best Practices a schnell an effikass Koordinatioun am Krisefall si mat entscheedend fir en héije Schutzniveau an der gesamter Unioun.

An där ganzer Cyberattack-Diskussioun muss ee sech ëmmer bewosst sinn, dass et keng absolutt Sécherheet gëtt. En héije Cybersecurity-Niveau ze hunn, bedeit awer net nëmmen eng Erhéijung vun der ëffentlecher Sécherheet, mä et bréngt och e Standuertvirdeel fir eis Wirtschaft an eis Entreprisen.

Als leschte Gedanke wéilt ech dann awer nach eng Kéier op eis alleguer als IT-Notzer zréckkommen. Am „ZEIT ONLINE"-Artikel seet den Hans-Wilhelm Dünn, President vum Cyber-Sicherheitsrat Deutschland, dat heiten - an ech zitéieren -: „Für Unternehmen ist ein fahrlässiges Verhalten im digitalen Raum, etwa von Mitarbeitern, sehr riskant. Da jeweils das schwächste Glied in der Kette zählt, sind über unvorsichtige Angestellte selbst hochgerüstete IT-Sicherheitsstrukturen überwindbar."

Dëst wëllt heeschen, dass dee beschte Cybersécherheetssystem duerch onvirsiichteg an onopgekläerte Mataarbechter ka court-circuitéiert ginn, wat och an der Realitéit ëmmer erëm geschitt.

Als Notzer misst ee sech vis-à-vis vum IT-System behuele wéi vill Lëtzebuerger vis-à-vis vun hirem léifste Kand, dem Auto. Dat heescht: e regelméissegen Entretien an noutwendeg Updatë maachen, en Antivirus-Filter installéieren an och regelméisseg kucken, ob de Computer net infizéiert ass; well och am Auto ginn d'Filtere regelméisseg gewiesselt.

Esou wichteg dëst Gesetz ass, däerfe mer deemno den Notzer net vergiessen. Dëst muss eis och heibanne bewosst sinn. An der Chamber an als Deputéiert si mir IT-Notzer a mussen eis däers bei all Uklicke vun E-Maile bewosst sinn. Och mir heibannen dreiwe bestëmmt regelméisseg dem Chamber-IT-Service d'Schweesspärelen op d'Stir. Duerfir och hei e Merci fir hir Gedold mat eis 60 net ëmmer ganz technikaffinë Membere vun dësem éierewäerten Haus.

Et läit awer, wéi gesot, net just um Notzer. Mat der wuessender Vernetzung wiisst net nëmmen de Risiko, mä automatesch och d'Verantwortung vun allen Elementer vun der Sécherheetsketten. An do bleift nach vill ze dinn.

Ee präzise Punkt, dee mir perséinlech ganz staark um Häerz läit, ass dobäi d'Responsabilitéit vun de Produzenten a Firmen. Net nëmmen aus ekologesche Grënn wär et wichteg, als Verbraucher méiglechst laang Updates a Sécherheets-Patche fir elektronesch Komponenten ze kréien. „Méiglechst laang" heescht dobäi, iwwert déi arbiträr „kommerziell" Liewenserwaardung vum Produit erauszegoen. Soss sollten anerer d'Méiglechkeet kréien, entspriechend Updates kënnen ze entwéckelen an unzebidden.

An domat soen ech Iech Merci fir d'Nolauschteren a ginn och den Accord vun der grénger Fraktioun.

Merci.

M. Fernand Etgen, *Président*.- Merci villmools, Här Hansen. Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Roy Reding. Här Reding, Dir hutt d'Wuert.

M. Roy Reding *(ADR)*.- Jo, villmools Merci, Här President. Ech wëll fir d'Éischt dem Rapporteur, wéi dat sech gehéiert, Merci soe fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport an enger Matière, déi jo awer zimlech komplex ass.

D'ADR stëmmt dëse Projet mat, net „well" et, wéi d'Diane Adehm vun der CSV gemengt huet, d'Ëmsetzung vun enger EU-Direktiv ass, mä „obwuel" et d'Ëmsetzung vun enger EU-Direktiv ass.

Mir hunn als ADR hei schonn oft kritiséiert, an ech reiteréieren nach eng Kéier, datt zu Bréissel Accorde geholl ginn, ouni datt eis Chamber och am Virfeld nëmme consultéiert gëtt. Accorden, déi gutt oder schlecht kënne sinn. An dësem Fall si se gutt, an anere Fäll ware se schlecht.

Mir refuséieren, hei Saache musse matzestëmmen, just well et d'Ëmsetzung vun enger EU-Direktiv ass. An ech denken, wa mer vun Opwäertung vun eisem Parlament schwätzen a géint d'Politikverdrossenheet wëllen ukämpfe bei de Bierger, da musse mer där doter Praxis en Enn setzen a kucken, wéi mer eis do als Parlament kënnen éischter, besser a méi effizient abréngen.

Mir stëmmen also als ADR dëse Projet mat, „obwuel" an net „well" et eng Direktiv ass, well an dëser Matière ass de virleienden Text gutt, richteg a wichteg a fënnt dofir eis Zoustëmmung.

Ech soen Iech Merci.

M. Fernand Etgen, *Président.*- Merci villmools, Här Reding. De leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

M. Sven Clement *(Piraten).*- Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, et geet ëm IT an da wonnert ee sech net, datt ech fir eis erauskommen, fir e bëssen driwwer ze schwätzen.

(Brouhaha général et hilarité)

Une voix.- … eng gutt Meenung vu sech huet!

M. Sven Clement *(Piraten).*- Ech soen och dem Här Reding Merci fir déi vill Zäit, déi e mer dozou gelooss huet.

(Interruption)

Här President, dësen Text ass immens technesch. An ech wëll ee klengt Beispill ginn, wéi technesch dësen Text ass, an dat ass: D'Lëtzebuerger Regierung huet e Portail, fir am Krisefall d'Populatioun ze informéieren. Dëse Portail heescht infocrise.lu.

An elo stellt sech d'Fro: Ma wien ass an där Chaîne vun deem Portail dann elo alles en Opérateur de services essentiels? Ass dat mäin Internetprovider doheem? Ass dat deen, deem de Kabel gehéiert, iwwert deen den Internet fonctionnéiert? Ass dat den DNS-Provider, deen et eis erlaabt, vun dem .lu op den dns.lu ze kommen, vun do da weider erof op den DNS-Server vun der Regierung a vun do da weider op den infocrise.lu?

Dir mierkt, déi meescht wäerte wahrscheinlech elo soen: „Merde, vu wat schwätzt deen?"

Une voix.- Richteg!

M. Sven Clement *(Piraten).*- An Dir hutt recht! An dat ass de Problem vun dësem Gesetz. Mir mussen, wa mer iwwer esou Gesetzer schwätzen, dat vill méi konkret ënnerleeën.

(Brouhaha)

Firwat musse mer et méi konkret ënnerleeën? Ma et ass e wirtschaftleche Facteur op där enger Säit, et ass e Sécherheetsfacteur op där anerer Säit. De Rapporteur, deem ech Merci soe fir säi Rapport, huet et schonn erwäänt: 1,5 Billiounen Euro Profitter am Cybercrime pro Joer! 300 Milliarden Euro gi Firme weltwäit pro Joer aus, fir sech ze schützen.

Dir gesitt, do ass schonn e Riseninequiliber tëschent deem, wat ausgi gëtt, an deem, wat op där anerer Säit vu Malfaiteure kann erageholl ginn. D'Schied bei de Firmen, wa se da gehackt ginn oder hir Produktioun gestoppt gëtt, leie bei iwwer 25 Billioune pro Joer. Dat si 25-mol 1.000 Milliarden oder, fir et anescht auszedrécken, dat ass eng 25 mat zwielef Nullen hannendrun.

Une voix.- Weltwäit.

M. Sven Clement *(Piraten).*- Weltwäit.

Une voix.- Elo verstinn ech …

(Hilarité)

M. Sven Clement *(Piraten).*- Dat ass substanziell, géif ech elo emol behaapten. Do sinn e puer lëtzebuergesch Statsbudgete pro Joer dran, déi do eleng verluer ginn, well eis Internet- a weider IT-Systemer net sécher genuch sinn.

De Rapporteur huet et gesot: Eng Milliard Cyberattacke pro Joer. Dat heescht, datt all 39 Sekonnen op der Welt eng Cyberattack geschitt. Dat heescht, an där ganzer Zäit, wou mer hei geschwat hunn, sinn eng jett Cyberattacke geschitt. An - wie weess? - vläicht ass och eng erëm hei zu Lëtzebuerg drënner gewiescht, well mir si keng Insel der Glückseligen.

Elo kommen ech awer méi konkret zu dësem Gesetz. Et ass eng Transpositioun vun enger Direktiv an duerfir wäerte mer och den Text matstëmmen. Et ass e wichtege Schrëtt an déi richteg Richtung, mä et ass an eisen Aen nach net kloer genuch. Ech hunn et an der Kommissioun gesot, an och do war d'Äntwert: „Mir musse waarden, bis d'Gesetz do ass. Mir mussen als Éischt emol déi Lëschten, déi Questionnairen opstellen."

Ech hat d'Chance, an der rezenter Vergaangenheet op enger Missioun mat der Chamber zu Singapur ze sinn, an do ass et genau ëm d'Cybersécherheet gaangen. An eng vun de Saachen ass: Zu Singapur - e Stadtstaat, dee 5,6 Milliounen Awunner op 720 km² huet, also e bësse méi kleng wéi Lëtzebuerg vun der Taille, e bësse méi grouss, wat d'Populatioun ugeet -, déi hunn eng eegen Agence fir Cybersécherheet.

Déi hunn also net d'Cybersécherheet nach eng Kéier enger Agence, déi schonn aner Regulatioun mécht, mat an d'Aufgabenheft geschriwwen. Déi hunn tatsächlech eng dediéiert Agence, déi sech dorëm këmmert an déi en äänlecht Gesetz d'lescht Joer transposéiert huet an do och Questionnairen ausgeschafft huet, wéi een dann aus deenen 30 Kategorien, déi mer elo als Opérateurs de services essentiels definéieren, dat erofkritt op konkret: Wéi eng Firma ass et?

Well dat ass d'Essenz vun dësem Gesetz um Enn vum Dag: Mir stëmmen eppes haut, wou mer guer net wëssen, wéi vill Firmen a wéi engem Ëmfang hei zu Lëtzebuerg iwwerhaapt betraff sinn. An do kann den Text esou gutt sinn, wéi e wëllt, dës Onkloerheet sollte mer an Zukunft behiewen! Mir sollten eis Weeër a Moyene ginn, fir an Zukunft am Virfeld den Impakt op eis Ekonomie, jo, op déi lokal Betriber besser kënnen ofzeschätzen.

Ech sot et: Et ginn 30 Kategorië vu potenziellen Opérateurs de services essentiels. 30 Kategorien, wou drasteet: „Wann däi Betrib ënnert d'Gesetz esou an esou fält, da bass du potenziell en Opérateur de services essentiels." Ob een et da wierklech ass, dat ass elo un dem ILR oder am Banken- an Assurancësecteur un der CSSF ze decidéieren.

Dës Reglementer kënne forcement nach net getraff sinn, soulaang d'Gesetz net en vigueur ass. Et wär awer ganz interessant, fir a sechs Méint, voire an engem Joer ze kucken, wéi vill Betriber dann elo tatsächlech ënnert dës nei Regele wäerte falen an ob dat flächendeckend ass oder eben net, ob mir net vläicht zu Lëtzebuerg méi wäit musse goen, wéi d'Direktiv dat elo an engem konsensuelle Verfahren zu Bréissel beschloss huet.

Well et kënnt nach eng zweet Fro: Wéi gi mer dann an de Reseaue vun eise Prestatairen, an eise Reseaue vun den Operateuren ëm mat Hardware, wou et Doutte ginn iwwert d'Sécherheet?

Et gëtt am Moment ee grousst Beispill, wou vill an der internationaler Press driwwer diskutéiert gëtt, an dat ass Huawei. Soll een a sengen nationalen, séchere Reseauen Equipement verbauen, wat vun engem chineesesche Statskonzern produzéiert gëtt? D'Amerikaner soe kloer Neen. D'Britte si sech onsécher. Iwwert déi Diskussioun huet missen e brittesche Kabinettsminister goen.

Also, dat ass alles anescht wéi anodin, esou eng Diskussioun ze féieren. An ech mengen, mir däerfen et, wann et ëm d'Sécherheet vun eisen IT-Systemer geet, net eleng bei dësem Gesetz beloossen. Mir mussen och d'Fro stellen: Wat kënnt duerno?

Wa mer näämlech bis eng Lëscht vun de Prestatairen hunn, déi heirënnerfalen, da musse mer eis d'Fro stellen: Wat mussen déi Prestatairë vläicht iwwert dëst Gesetz eraus weider erfëllen?

Ech hu virdrun dat Beispill vum DNS ginn. Den DNS steet fir Domain Name Service. Dat ass d'Adressbuch vum Internet, d'Tëlefonsbuch vum Internet. Wann ech „google.com" aginn, wëll ech op engem Computer erauskommen, dee mer d'Websäit vu Google uweist. Just, d'Computere schwätzen net an Nimm, déi schwätzen an Zuelen, an IP-Adressen.

Ech benotzen elo - fir déi, déi dann technesch inclinéiert sinn - eng IPv4-Notatioun a keng IPv6: 8.8.8.8 ass eng Adress vu Google, eng vu villen. Dat heescht, den DNS-Server iwwersetzt dat aus „google.com" op eng IP-Adress. Mä dat ass net ee Server. Dat ass eng ganz Chaîne vu Serveren, déi duerfir responsabel sinn. An déi Servere sinn dezentral organiséiert an awer hierarchesch.

Dat heescht, fir op eng belibeg Websäit ze komme vun engem Operateur, deen herno „de services essentiels" genannt gëtt an deem seng Websäit vläicht och als en „service essentiel" klasséiert gëtt, muss een net nëmmen deem säi Server kënnen uschwätzen, et muss een och deem sengem Provider säi Server kënnen uschwätzen. A wa mer am DNS-Service ganz wäit eropginn, da komme mer bei déi sougenannt „Root-Serveren", an déi ginn net vu Lëtzebuerg bedriwwen, mä déi gi vun der IANA, enger amerikanescher NGO bedriwwen, zesumme mat Regierunge weltwäit.

Dat heescht, wa mer dat Gesetz hei à la lettre ausleeën, da bedeit dat, datt mir hei dem ILR d'Kompetenz ginn, fir e Contrôle ze maache vun internationale Root-Serveren am DNS-System.

Juristesch kee Problem. Si hunn elo d'Mandat a si kréie gesot: „Lëtzebuerg seet Iech: Maacht dat!" Praktesch weess ech net, ob de Budget, dee mer hinnen zousätzlech dëst Joer ginn hunn, fir genau dës Missioun ze exekutéieren, wäert duergoen, fir esou eng international Missioun wouerzehuelen. Deementspriechend ass et wichteg, datt mer a sechs Méint, an engem Joer eng Reevaluatioun maachen, ob mer hei net vläicht musse méi kloer ginn, ob mer eis hei net vläicht mussen aner Moyene gi wéi nëmmen déi vum Contrôle.

An dann e leschte Punkt, deen och guer net ugeschwat gëtt, well d'Gesetz …, well d'Direktiv sech do guer net driwwer prononcéiert huet, dat ass: Wat geschitt mat Schwaachstellen an de Reseaue vun eisen Opérateurs de services essentiels?

Wien haft, wann den Hack net op d'Feelverhale vum Operateur zréckzeféieren ass, mä wann den Hack dorobber zréckzeféieren ass, datt de Prestataire, den Hiersteller vun engem Switch, d'Passwuert, „admin/admin" fest aprogrammiert huet? Rezent, gëschter nach, ass erëm esou e Fall bei engem groussen Hiersteller bekannt ginn, dee weltwäit a quasi all de Reseauen ze fannen ass, wou ee mat engem Standardpasswuert op eemol „Admin" am ganze Reseau ass.

Wien haft an deem Fall? Ass et um ILR, fir dann eisen Opérateur de services essentiels ze responsabiliséieren? Oder ass et un deem, fir vu vireran ze soen: „Mä ech benotze folgend Equipement. Léiwen ILR, ass dat iwwerhaapt konform?" Wat fir e Waasserkapp ka sech doraus erginn, wann een d'Gesetz à la lettre applizéiert?

Et ass e gutt Gesetz. Et ass e wichtegt Gesetz, mä et bleiwen awer nach Froen op. A grad wann ee sech technesch e bësse méi detailléiert domat auserneesetzt wéi just mam ekonomeschen oder mam penale Volet, da gesäit een, datt do nach Froen opbleiwen.

Dës Froe wäerte mer haut net an der Plenière kënne léisen. Duerfir freeën ech mech, datt mer an deenen nächste Wochen, Méint, Jore sécherlech d'Geleeënheet kréien an de Kommissiounen, genau déi Froen nach eng Kéier opzewerfen, och eventuell duerch nei Gesetzesproposen dat dann och kënnen nozebesseren.

Mä fir haut sollte mer deen éischte Schrëtt maachen. An duerfir gi mir och eisen Accord fir dëse Projet.

Villmools Merci.

M. Fernand Etgen, *Président.*- Merci villmools, Här Clement. Ier ech der Regierung d'Wuert ginn, wéilt ech nach dem Här Berger d'Wuert gi fir eng Kloerstellung. Här Berger, wannechgelift.

M. Eugène Berger *(DP), rapporteur.*- Merci, Här President. Déi honorabel Spriecherin vun der CSV, d'Madamm Adehm, hat virdrun dem Rapporteur reprochéiert, datt de PV vun der Sitzung vum 26. Februar net géif virleie respektiv duerfir och net säi Nidderschlag a mengem Rapport fonnt huet. Et war e Reproche un de Rapporteur, natierlech, deen ech gären assuméieren. Mir wëssen awer, datt dat geweinlech d'Secrétaire-Administrateure vun der Chamber sinn, Beamten, déi d'PVe maachen.

Et ass esou …

(Interruptions diverses)

Wann ech dierft meng Explikatioune fäerdeg ginn! Merci!

Et ass esou, datt effektiv, ier ech de Rapport finaliséiert hat … Ech hat dat virdrun net gemaach, well ech do och net wollt mam Fanger op e Beamte weisen, mä au contraire, …

(Interruptions)

… ech stelle mech och virun dee Beamten, well dat ka jiddwerengem passéieren. En hat mer an engem Mail gesot, ech zitéieren hei: „Duerch e Mëssel mam Enregistrementsprogramm - d'Sitzung ass net opgeholl ginn - war et mer leider net méiglech, fir e Procès-verbal vun der Sitzung vum 26. Februar ze schreiwen."

(Brouhaha)

Dat ka jiddwerengem virkommen. Einfach awer als Explikatioun, datt doduerjer kee PV virläit vun där Sitzung an datt ech dat doduerjer och net konnt a mäi Rapport afléisse loossen.

Wéi gesot, ech mengen awer, datt dat jiddwerengem emol ka virkommen, datt d'Technik do … - mir hu jo iwwer en technesche Projet geschwat -, datt dat och emol eng Kéier ka passéieren. Mä ech wëll awer hei soen, datt ech awer och de Beamten excuséieren an datt ech dann do och awer d'Responsabilité respective assuméieren, datt do da kee Rapport konnt vum Beamte gemaach ginn.

Merci.

M. Fernand Etgen, *Président.*- Merci, Här Berger, fir déi Kloerstellung. D'Madamm Adehm, wannechgelift.

Mme Diane Adehm *(CSV).*- Ech géif just gären dorop äntwerten, datt ech dat verstoe kann. Jiddwerengem kann en technesche Feeler ënnerlafen. Mä aus Transparenzgrënn an aus Manéierlechkeet wier et awer ubruecht gewiescht, déi aner Parteien an der Kommissiounssitzung ze informéieren, an net, dass mir doheem sëtze PVen ze sichen an ze sichen, déi mer net fannen!

A wann Der et schonn net wëllt an Äre Rapport draschreiwen, deen dann doduerjer eben net komplett ass, hätt Der wéinstens kënnen e Wuert an der Sitzung doriwwer verléieren, amplaz dass mir dat dann hei mussen an enger Plenarsitzung gewuer ginn, dass ee Beamten iergendwou op e falsche Knäppche gedréckt huet!

Une voix.- Très bien !

M. Fernand Etgen, *Président.*- Ech mengen, an där doter Affär ass elo alles gesot. An domadder géif ech der Regierung d'Wuert ginn. Här Stats- an Digitalisatiounsminister, Dir hutt d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

M. Xavier Bettel, *Ministre de la Digitalisation.*- Villmools Merci, Här President, fir d'Wuert. Effektiv, d'Europäesch Kommissioun huet och d'Analys gemaach, dass an deene leschten zwee Joer méi oder manner grouss Cyberincidenten ongeféier bei 80 % - bei 80 %! - vun den europäeschen Entreprisë stattfonnt hunn, well se selwer vläicht net genuch Precautioune geholl hunn oder eben och wéinst Attacke vu baussen.

An ech mengen, de Gros vun den Orateuren haut de Mëtten huet och insistéiert eben op d'Wichtegkeet, déi dat Digitaalt huet. Dat Digitaalt ass haut net nëmmen dat Digitaalt. Dat Digitaalt geet - an den Här Hansen huet eng Rëtsch vu Beispiller gesot - vun enger Kierch bis zu enger Cookiesfabrik. Et ass vu Santé geschwat gi vun anere Riedner, vum Transport, vun all deene verschiddene Secteuren, déi haut awer wierklech och mam Digitalen ze dinn hunn a firwat et dann eben och esou wichteg ass, dës Direktiv hei ëmzesetzen.

Ech hunn och eng Rëtsch Froe gestallt kritt vu verschiddene Membere vun der Chamber. Den ILR huet am Fong de Secteur analyséiert an ass och prett, fir d'Designatioun ze maachen. Mä si kënnen awer net d'Designatioun maachen, soulaang se d'Gesetz net hunn. Well d'Gesetz gëtt hinne jo déi Méiglechkeet, fir et ze maachen. Mä dowéinst, wéi gesot, déi Designatioun ass gemaach (veuillez lire : ass prett, fir gemaach ze ginn).

A wéi gesot, d'Gesetz gesäit och vir, dass den ILR déi Notificatioun dann och elo wäert maachen un déi verschidden Entreprisen. Dat wäert dann och an den nächste Woche kënne stattfannen.

Ob den ILR Reglementer geholl huet oder net? Neen, mä dat wäert awer och schnell goen, well den ILR mécht dat och schonn hautdesdaags am Kader vum Telekommunikatiounsberäich mam Gesetz vum 27. Februar 2011 sur les réseaux et les services de communications électroniques, wou et och scho virgesinn ass. Dat heescht, dass dat och wäert ganz rapid goen.

An dann ass och gesot ginn - dat ass zum Avis vun der Chambre de Commerce -, dass et och ebe méi wäit hei geet wéi d'Direktiv. Jo, et ass och op Demande vum ILR gewiescht, dass een et eben och selwer public ka maachen als Akteur. An dat ass eben och, fir e Parallelismus ze hu mat de Fournisseure vum Service numérique, wou mer och en Text hunn, deen dat och virgesäit. Dofir ware mer der Meenung, dass een dat dote sollt als Parallelismus och an deem dote Secteur maachen.

An dann eng lescht Fro ass zu deene verschiddenen Akteuren, déi eben och concernéiert sinn. Erlaabt mer, dass ech déi ernimmen. Dat ass dann den HCPN - an ech soen och do dem Luc Feller a senger ganzer Equipp Merci fir déi Koordinatiounsaarbecht, déi se och an dësem Beräich maachen -, den SRE, de GovCert, d'ANSSI, den SMC, de CTIE, de Wirtschaftsministère, de SMILE, den Ausseministère an d'Direktioun vun der Defense.

An ech soen, wéi gesot, Här President, dem Rapporteur, dem Eugène Berger, Merci fir säi schrëftlechen a säi mëndleche Rapport an och fir d'Diskussioun heibannen, well wann ech richteg verstanen hunn, wäerte mer och eng Unanimitéit op dësem Text hunn. Et ass am Interêt vun ons alleguerten. Et huet e wirtschaftlechen Impakt, mä et geet och wäit iwwert de wirtschaftlechen Impakt eraus, wann ee gesäit, wéi eng Wichtegkeet d'Digitalisatioun haut huet, mä och nach an Zukunft wäert kréien.

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens :
Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal,
Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel :
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Saisie de texte :
Polygraphic SA, Esch-sur-Alzette

Conception et mise en page :
Espace Médias SA, Esch-sur-Alzette

Concept et coordination générale :
BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries :
Saint-Paul Luxembourg SA 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg
Editpress SA 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

M. Fernand Etgen, *Président.*- Merci villmools, Här Premierminister. Mir kéimen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7314. Den Text steet am Document parlementaire 7314[8].

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7314 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann de Vote par procuration. De Vott ass heimat ofgeschloss.

De Projet de loi 7314 ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Diane Adehm), MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Alex Bodry), Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

5. Nomination du commissaire aux comptes de la Société nationale de crédit et d'investissement (SNCI) (suite)

Kolleeginnen a Kolleegen, leider musse mer de Vott iwwert d'Ernennung vum Commissaire aux comptes bei der SNCI widderhuelen. De Vott war wuel secret, mä et ass mat Procuratioun ofgestëmmt ginn, wat awer bei engem Vott iwwer eng Persoun net de Fall ka sinn. D'Procuratioun ass par conséquent aus dem System geholl ginn an esou net méiglech.

Mir géifen dann elo nach eng Kéier iwwert d'Kandidatur vum Här Croisé ofstëmmen.

Nouveau vote secret sur la candidature unique

D'Ofstëmme fänkt un. De Vott ass ofgeschloss.

Et hu 57 Deputéiert um Vott deelgeholl an et si 57 Jo-Stëmmen. Domadder ass den Här Daniel Croisé zum Commissaire aux comptes vun der SNCI ernannt.

Merci villmools.

6. 7393 - Projet de loi portant modification de la loi du 14 septembre 2018 relative à une administration transparente et ouverte

Mir kommen dann zum Projet de loi 7393, enger Ofännerung vum Gesetz iwwer eng transparent Verwaltung, déi méi spezifesch d'Commission d'accès aux documents betrëfft. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Madamm Diane Adehm, d'Madamm Lydia Mutsch, den Här Marc Hansen, den Här Roy Reding an den Här Sven Clement.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Berger. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Digitalisation, des Médias et des Communications

M. Eugène Berger *(DP), rapporteur.*- Merci, Här President. Et ass e ganz kuerze Rapport, deen ech hei ka maachen. Virun net grad engem Joer ass op dëser Plaz de Gesetzesprojet 6810 gestëmmt ginn. Dat war déi legal Basis fir eng oppen an transparent Verwaltung. E kuerze Rappell vläicht fir déi, déi et scho vergiess hätten: Mat deem Gesetz war d'Méiglechkeet geschafe ginn, fir datt een Dokumenter, déi bei ëffentleche Verwaltungen a bei Gemenge sinn, virun allem déi, déi sech op administrativ Fonctionnementer bezéien, per schrëftlech Demande ka consultéieren. Dat Gesetz ass a Kraaft.

Dir kënnt lech och vläicht erënneren: Am Kader vun deem Gesetz gouf och déi sougenannt „Commission d'accès aux documents" geschaaft. Déi Kommissioun ass eng Ulafstell fir déi Bierger, deenen hir Demande, fir en Dokument ze consultéieren, refuséiert ginn ass. Déi Persoune kënnen also e Recours maache respektiv da bei där Kommissioun do reklaméieren, fir datt déi dann eng Kéier nokuckt, ob dat dann awer alles an der Rei war.

Déi Kommissioun setzt sech aus fënnef Memberen zesummen. An déi Kommissioun huet dann zwee Méint Zäit, fir en Avis zu där Fro ofzeginn. Et huet sech elo an där kuerzer Praxis erausgestallt, datt dat awer deemno wéi schwiereg ass, haaptsächlech mam Delai. Et ass elo net d'Unzuel vun den Demanden, mä awer haaptsächlech fir den Delai anzehalen, sief et, datt dann awer emol e Member gefeelt huet, d'Kommissioun net beschlossfäeg war, de President net do war oder zwee Membere verhënnert waren. A fir awer do elo schnell drop ze reagéieren an dee Problem ze léisen, gesäit dann dëse klenge Gesetzesprojet vir, fir zwee Stellvertrieder fir all Member festzeleeën, déi asprange kënnen, wann dat néideg ass.

Déi Ersatzmembere ginn natierlech no deeneselwechte Kritären erausgesicht wéi déi initial Memberen. Déi Kommissioun setzt sech jo zesummen aus engem Magistrat, engem Vertrieder aus dem Statsministère, engem Vertrieder vun der CNPD, engem vum Syvicol an engem Vertrieder vum SIP. Also deemno kënne sech déi jeeweileg Memberen och just vu Leit, déi déiselwecht Kritären erfëllen oder aus deemselwechte Gremium oder aus deeneselwechten Institutioune kommen, ersetze loossen.

Dann nach eng zweet kleng Präzisioun: Et ass esou, datt am Gesetz virgesinn ass, datt d'Mandatsdauer eng gewëssen Zäit huet - véier Joer - an datt déi (veuillez lire : datt déi initial Memberen) also och genannt gi waren, wéi d'Gesetz a Kraaft getrueden ass. Dat heescht elo, déi Suppleanten oder déi Ersatzmemberen, déi ginn natierlech och elo nëmmen fir déi Zäit genannt, also e bësse manner wéi véier Joer, fir datt dat alignéiert ass mat deenen anere Memberen. Wann also eng nei Kommissioun genannt gëtt oder deenen hiert Mandat ofgelaf ass, leeft automatesch och dat vun den Ersatzmemberen of.

Voilà! Dat sinn déi zwou Präzisiounen, déi do gemaach gi sinn, déi haaptsächlech sollen als Zweck hunn, datt déi Kommissioun do awer an deenen Delaie kann zesummekommen an dann och doriwwer befannen, ob d'Demande valabel war oder net.

Ech géif och nach den Accord vun der DP-Fraktioun zu dësem Projet ginn.

Merci.

M. Fernand Etgen, *Président.*- Merci villmools, Här Berger. Als éischte Riedner ass déi honorabel Madamm Diane Adehm ageschriwwen.

Discussion générale

Mme Diane Adehm *(CSV).*- Jo, Merci, Här President. Ech wéilt dem Här Berger Merci soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport. Ech wéilt awer trotzdeem ee Saz soen. Dat heiten ass e Gesetz vum 14. September 2018. An den 19. Dezember, also dräi Méint méi spéit, ass schonn e Gesetzesprojet vun der Regierung agereecht ginn, fir e Gesetz ëmzeänneren, wat ganzer dräi Méint al ass. Esou vill zur Aarbechtsaart a -weis vun dëser Regierung.

(Interruptions)

Mä dovunner ofgesi wëlle mir natierlech och, dass dat Gesetz hei fonctionnéiert, dass déi Kommissioun fonctionnéiere kann. An ech gi selbstverständlech den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet.

Une voix.- Très bien !

M. Fernand Etgen, *Président.*- Merci villmools, Madamm Adehm. An da wier et un där honorabeler Madamm Lydia Mutsch.

Mme Lydia Mutsch *(LSAP).*- Merci, Här President. Och vun eiser Säit aus dem Rapporteur Merci. Och mir sinn der Meenung, dass hei gutt, schnell a pragmatesch reagéiert ginn ass, fir an esou engem wichtege Beräich wéi der oppener an transparenter Administratioun och déi Exekutiounsgremien esou opzestellen, dass se optimal funktiounsfäeg sinn.

An dofir hu mir kee Problem, fir eisen Accord zu dësem Projet de loi ze ginn.

Merci.

Une voix.- Très bien !

M. Fernand Etgen, *Président.*- Merci villmools, Madamm Mutsch. An ech ginn d'Wuert direkt weider un den honorabelen Här Marc Hansen.

M. Marc Hansen *(déi gréng).*- Jo, Merci, Här President. Och ech wëll dem Här Berger Merci soe fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport. déi gréng sinn natierlech och der Meenung, dass et noutwendeg ass, Suppleantë fir déi eenzel Membere vun der Commission d'accès aux documents ze nennen, fir dass d'Kommissioun esou zu all Moment beschlossfäeg ass a ka schaffen, wéi et virgesinn ass.

Domat ginn ech dann och den Accord vun der grénger Fraktioun.

Merci.

M. Fernand Etgen, *Président.*- Merci, Här Hansen. An da wier et um honorabelen Här Roy Reding.

M. Roy Reding *(ADR).*- Merci, Här President. Och ech wollt drop hiweisen, wéi d'Diane Adehm dat scho gemaach huet, datt mer eis heiansdo an eiser legislativer Aarbecht e bëssen ze vill hetzen oder hetze loossen an datt esou Feeler wéi déi, déi hei geschitt sinn, kënne vermidde ginn.

Mä dat hei ass eng ganz gutt Upassung, déi d'Zoustëmmung vun der ADR fënnt.

Ech soen lech Merci.

M. Fernand Etgen, *Président.*- Merci, Här Reding. Leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

M. Sven Clement *(Piraten).*- Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, datt mer dat heiten upasse mussen, ass aus dem Rapport ganz kloer ervirgaangen. Mir hätten eis nach eng ganz Rëtsch aner Ännerungen un deem Gesetz insgesamt gewënscht. Ech mengen, do ginn et awer nach aner Deeg, fir dat nach eng Kéier duerchzediskutéieren, wéi haut.

Duerfir wäert dëse Projet och eisen Accord fannen.

M. Fernand Etgen, *Président.*- Merci villmools, Här Clement. An dann huet d'Regierung d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

M. Xavier Bettel, *Ministre de la Digitalisation.*- Här President, hei gëtt vu verschiddene Leit probéiert, e bësse Polemik ze maachen, wéi wann hei an der Hetz geschafft gi wier. Et sinn tatsächlech fënnef Leit, déi virgesi sinn. Et ass op Demande vum President selwer, dee gesot huet, dass, wann hien indisponibel wier oder aner Memberen indisponibel wieren, da vläicht keng Avise kéinten direkt kommen an duerfir ze vill Zäit kéint verluer goen. An doweinst ass dësen Text dann eben amendéiert ginn, fir kënne méi effikass ze schaffen.

Ech sinn och frou, wann en d'Zoustëmmung hei an dësem Haus fënnt.

M. Fernand Etgen, *Président.*- Merci villmools, Här Premierminister. Mir kéimen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7393. Den Text steet am Document parlementaire 7393[5].

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7393 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass heimat ofgeschloss.

Dëse Projet ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par M. Laurent Mosar), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Diane Adehm), MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par Mme Tess Burton), Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

7. Motion de M. Laurent Mosar relative au respect et à la défense du principe des « Spitzenkandidaten » lors de la désignation du prochain président de la Commission européenne

Mir kommen dann elo zur Motioun vum Här Laurent Mosar iwwert de Prinzip vun de Spëtzekandidate bei der Designatioun vum nächsten europäesche Kommissiounspresident. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Alex Bodry, d'Madamm Josée Lorsché, den Här Fernand Kartheiser, den Här Marc Baum an den Här Sven Clement.

Här Mosar, Dir hutt als Auteur vun der Motioun d'Wuert. Här Mosar, wannechgelift.

Exposé

(Motion de M. Laurent Mosar déposée en séance publique n° 23 du 14 mai 2019 - à consulter en page 280 de ce compte rendu)

M. Laurent Mosar *(CSV), auteur.*- Jo, Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Här Statsminister, ech hat gëschter schonn den Objet vun der Motioun kuerz exposéiert, soudatt ech mech relativ kuerz kann halen. An ech wollt och nach e bësselchen Zäit behalen, fir herno ze äntweren. Ech wëll also nach eng Kéier widderhuelen, datt et eis hei ëm de Prinzip vun de Spëtzekandidature bei den Europawahle geet. Mir froen do an der Motioun eigentlech zwou Saachen: